



Esch-Belval, den 9. Oktober 2023

Objectif2028

Léiwen Här Frieden,

Mir als ACEL gratuléieren Iech, dass dir vum Grand-Duc zum Formateur ernannt gi sidd. An den nächsten Deeg wäert Dir vill Gespréicher mat de Parteie féieren an an d'Zukunft plangen.

Mir hoffen, dass an deene Gespréicher d'Student:innen net vergiess ginn. Dofir schécke mir Iech hei nach eng Kéier eisen Objectif2028. An der Hoffnung, dass eis Iddien aus dësem och hire Wee an e méigleche Koalitiounsaccord fannen.

Dësen ass awer och online op eisem Site ze fannen.



www.ancel.lu/objectif2028

Mat frëndleche Gréiss

Ann BERTEMES
Präsidentin
ann.bertermes@ancel.lu
+352 2060 8484 - 1

Charel DONVEN
Vizepräsident Représentation
charel.donven@ancel.lu
+352 2060 8484 - 4

ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois

www.ancel.lu
contact@ancel.lu

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

+352 20 60 84 84-1 | Présidente
+352 20 60 84 84-4 | Vice - Président

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
No RCS F969

 **SPUERKEESS**
Partenaire officiel




Objectif

>>> 2028



ACEL
de Studentevertrieder



Objectif

>>> 2028

PROPOSITIONE FIR D'ZUKUNFT VUN
DE LËTZEBUERGER STUDENT:INNEN

15. MEE 2023



#Objectif2028




>> Kontakt

ACEL - Association des Cercles
d'Étudiants Luxembourgeois a.s.b.l.

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

RCS Luxembourg F969

 www.ancel.lu
 contact@ancel.lu
 (+352) 20 60 84 84

 ACEL - de Studentevertrieder
 ACEL - de Studentevertrieder
 @acelluxembourg

D'Nationalwahlen den 8. Oktober entscheede wien fir déi nächst fënnef Joer Lëtzebuerg weider gestallte wäert. An dëser Period dierfen déi Jonk, an an eisem Fall d'Student:innen, net vergiess ginn a mussen déi noutwendeg Opmierksamkeet vun der kommender Regierung kréien.

D'ACEL huet sech a senger 39-järeger Geschicht ëmmer fir d'Student:innen agesat a kennt d'Uleies vu de Studentinnen a Studenten. Dofir presentéiere mir an dësem Dokument eisen Objectif 2028. Hei weise mir op eng Rei u Problemer hin, déi d'Student:innen am Alldag betreffen an de Studium am In- an am Ausland erschwéieren oder verkomplizéieren. Mir wëllen hei awer och Usätz virstellen,

déi längerfristeg de Student:innen hiren Alldag verbessere sollen.

An de kommende fënnef Jore gesi mir eng grouss Chance, vill Punkte vun eisem Objectif ëmzesetzen an och bei gréissere Projete gëllt et elo net de Moment ze verpasse fir déi néideg Schrëtt anzeleeden, esou dass dës och iwwer déi kommend Legislatur eraus Ëmsetzungfannen. Dofir riicht sech dëst Dokument un déi kommend Regierung mat der Opfuerderung, dësen Objectif am Kader vun engem Koalitiounsaccord a Consideratioun ze zéien.

ACEL-Comité 2023

8 Propositione

fir d'Zukunft vun de Lëtzebuenger
Student:innen op ee Bléck



ACEL

1

Zukunft vun der Studentefoire

S.7

2

Accès op d'Unie vereinfachen

S.8

3

Upassung vum Stagegesetz

S.9

4

Graduate Programs promovéieren

S.10

5

Akzeptéiert Ongläichheet an der EU

S.11

6

Attraktiven öffentlechen Transport

S.12

7

Bourse am Wandel vun der Zäit

S.13

8

Steiererklärung während dem Studium

S.14



1

Zukunft vun der Studentefoire



E wichtegen Datum am Kalenner vun den Ofschlossklassen ass d'Studentefoire déi d:e Schüler:in iwwer seng Méiglechkeeten nom Lycée informéiert. An de leschte Joren huet d'Foire e Wiessel duerchlieft. D'Studentefoire ass vun der Luxexpo op de Campus vun der Uni.lu zu Esch-Belval geplënnert an huet de Fokus gréisstendeels op dat rengt Studéiere geluecht. Mir kënnen dëse Wiessel novollzéien, trotzdeem muss d'Angebot fir d'Schüler:inne weiderhin attraktiv bleiwen, fir dass si en Notzen aus dëser Foire zéien. Ëmmer manner Universitëten oder Héichschoule si physesch op der Studentefoire vertraueden. Mir als ACEL géifen et begrëissen, d'Angebot hei ze vergréisseren a méi vilfältig ze gestalten, sou dass och Unien oder Héichschoulen déi méi wäit fort vu Lëtzebuerg sinn, de Wee bis op eis Foire fannen. Fir dëst ze erméiglechen dierf net gespuert ginn, esou dass den néidege Budget muss virgesi sinn.

Och wann d'Studentefoire net als primär Orientéierungsplattform soll wierken, ass et awer wichteg, dass d'Schüler:inne sech weiderhin iwwer d'Diversitéit an der Aarbechtswelt informéiere kënnen. De néidege Kader muss dofir bestoen, fir déi


noutwendeg Informatiounen zum Studium esou wéi och der Studentestad ze kréien, déi op ee bestëmmte Beruff virbereeden. Des Weidere soll och d'Ulafstell fir Schüler:innen, déi sech bäi hirem Choix fir de Studium nach net sécher sinn, ausgebaut ginn.

D'Schüler:inne kréien un d'Häerz geluecht op d'Studentefoire ze goen, mir fannen dëst och wichteg a richtig. Net ze vergiessen ass awer de Volet vun der Virbereedung op d'Studentefoire am Viraus. D'Schüler:inne sollen nach besser am Virfeld op d'Foire präparéiert ginn, fir dass si maximal vun dëser Offert profitéiere kënnen an net zillos iwwer de Site lafen.

D'Studentefoire gouf ënner anerem op Wonsch vun der ACEL an d'Liewe geruff. Iwwer déi lescht Jore krute mir awer ëmmer manner Matsproocherecht a ginn oft viru fäerdeg entscheeten Tatsaache gesat, ouni virdrun ëm eis Meenung gefrot ze ginn. Op dëser Plaz wëlle mir nach eng Kéier betounen, dass mir erëm méi aktiv an d'Organisatioun vun der Studentefoire involvéiert wëlle ginn, fir dës a Collaboratioun mam Ministère ze organiséieren.

2

Accès op d'Unie vereinfachen



De Start an de Studium ka vill organisatoresch Hindernisser mat sech bréngen. Nieft der Sich nom richtige Studium, der richteger Stad, enger Wunneng an der ganzer Umeldungsprozedur, ginn et Unien déi nach weider Ufuerderunge stelle fir den: zukünfte: Student:in unzehuelen.

Dës Ufuerderunge stinn am Zesammenhang mat dem lëtzebuergeschen Ofschloss Diplom vum Secondaire a sinn net nëmmen en organisatoreschen Opwand mee och eng finanziell Belaaschtung. Fir Student:innen déi hir Studien op Englesch maache wëllen, gëtt oft nach een zousätzlechen Sproochcertificat gefrot fir ee gewëssenen Niveau am Engleschen nozeweisen. Dësen Niveau bestätegt eise Lëtzebuergger Diplom net vu sech aus. Des Sproochentester sinn oft immens deier an den Accès zu dësen Tester sinn zu Lëtzebuerg immens begrenzt. An der Vergaangenheet hu mir dës Thematik

mat de betraffene Ministèren diskutéiert an de Problem gouf hei unerkannt an no Léisunge gesicht. Mir erwaarde vun de Responsabelen, dass d'Student:innen an d'Schüler:innen, déi ee Studium envisagéieren, an noer Zukunft manner Schwieriegkeeten beim Sproochnoweis hunn.

E weidert Hindernis stellt d'belsch Equivalenz duer. Fir an der Belsch kënnen ze studéieren, muss een dës ufroen. Déi Equivalenz gëtt während 2 Deeg am Joer bäi der Maison de l'Orientalion ausgestellt. Mir begréissen, dass dëst esou zu Lëtzebuerg ka gemaach ginn, mee hannerfroen am Allgemengen den Zweck vun dëser. An eisen Ae feelt et un Sënnhaftegkeet, dass d:e Student:in mat Käschten am 3-stellige Beräich konfrontéiert ass wann dës Equivalenzen och allgemeng iwver déi eenzel Sektioonen am Secondaire hiargestallt kënnen ginn.

3

Upassung vum Stagegesetz



Op der REEL 2017 zu Köln a Bonn gouf de Manktem vun enger gesetzlecher Reegelung fir d'Stagen zu Lëtzebuerg thematiséiert. Mir si frou, dass de Projet, deen d'ACEL vun Ufank un begleet huet, am Stagegesetz resultéiert ass, dat 2020 a Kraaft getrueden ass. D'Gesetz huet d'Zil e juristesche Kader tëschent dem Stagiaire an dem Patron ze schafen an et reegelt esou wuel obligatoresch Stagen, esou wéi praktesche Stagen, schléisst awer Student:innen aus reglementéierte Beruffer aus. Zousätzlech gëtt hei gereegelt ab wéini Stage bezuelt musse ginn.

An deene vergaangenen dräi Joer wou d'Stagegesetz a Kraaft ass, hu sech Mängel an der deeglecher Praxis, souwuel beim Patronat, wéi bei Student:inne gewisen. An enger Evaluatioun op Basis vun Erfahrungsberichter vu Student:innen, sou wéi duerch Gespréicher mat Vetrieder:innen aus de verschiddene Secteuren, hu mir verschidde Problemer festgestallt, déi mat enger Adaptatioun vum Gesetz musse geléist ginn.

Mir hu festgestallt, dass:

- D'Informationslag zu dësem Gesetz sech bei de Student:innen a Arbeitsgeber:innen als lückenhaft duerstelt.
- D'Remuneratioun eng Hürd duerstellen kann, ob d'Student:innen eng Stageplaz kréien oder net, woubäi dës oft essentiel sinn fir mam Studium kënnen weider ze maachen. Dës Problem ass ëmsou méi present am Gesondheetssecteur an bei soziale Beruffer.

- Den Oflaf fir sech vun der Remuneratioun befreien ze loosse, ze komplizéiert ass. Dës Prozedur ass am Gesetz virgesinn, falls d'Uni an der Konventioun vun engem obligatoresche Stage virgesäit, esou dass d'Student:in net dierf bezuelt ginn.
- Et virkënnt, dass d'Patronat vun de Student:inne fuerdert, sech iwwer der Uni hir Konventioun vun der Remuneratioun befreien ze loosse. Dës Prozedur soll nëmme vun den Unien ageleet ginn.
- Et virkënnt, dass de Patron Stagen opspléckt, esou dass d'Remuneratioun méi kleng gëtt, oder ganz ewech fällt.
- Et a verschiddene Berufsfelder zu Problemer féiert, well Student:innen vu reglementéierte Beruffer explizitt vum Gesetz ausgeschloss sinn.

Am Kader vum neien Héichschulgesetz sinn eng Rei un Ännerungen um Stagegesetz geplangt. Mir begrëssen dës kommend Ännerungen, bedauern awer, dass dës nach net all opgezielte Problem envisagéieren. Dofir fuerdere mir, dass d'Stagegesetz an noer Zukunft deementspriedend adaptéiert gëtt, soudass all déi opgezielte Problemer bei de Student:innen net méi optrieden an hoffen, dass d'Gesetz doduerch méi Visibilitéit am Alldag kritt.

Wéi d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, gouf eng Evaluatioun no zwee Joer ugekënnegt, bis haut hu mir nach kee Resultat vun dëser gesinn a waarden dofir op eng professionell Auswärtung vum Aarbechtsministère.

4

Graduate Programs promovéieren



An der aktueller Fassung vum Stagegesetz ass virgesinn, dass et Student:innen nom Ofschloss vum Master net méi méiglech ass, ee Stage ze maachen. Mir gesinn hei d'Plus-value dës Dieren zou ze maachen fir esou kënnen en Abus ze verhënneren. Op der anerer Säit stinn awer Student:innen, déi trotz Ofschloss vun hire Studien nach net final decidéiert sinn, wéi eng Richtung si an der beruflecher Welt aschloe sollen.

Eng méiglech Léisung déi mir fir dës Fäll gesinn, wieren esou genannten „Graduate Programms“ zu Lëtzebuerg ze promovéieren. Dës bidden oft ee Kader

wou een nom Studium nach a verschidde Beräicher vun enger Entreprise era kucke kann. Esou kann een am Ufank ee méi breede Spektrum gesinn. Och ginn et schonn änlech Strukture beim Lëtzebuurger Staat, wou ee mat engem CDD an den Alldag vu Staatsbeamten era kucke kann, dëst kéint och op d'Privatwirtschaft ausgeweit ginn.

Dës soll keng obligatoresch Entrée an d'Beruffswelt sinn, mee éischer eng Hëllefstellung bei Bedarf un Orientéierung.

5

Akzeptéiert Ongläichheet an der EU



An enger EU, déi laut EU-Direktiv 2004/38/EG am Artikel 24, ongläich Behandlung vun de Bierger iwwerwanne well, musse mir feststellen, dass d'Student:innen ëmmer erëm u Problemer stoussen déi an eisen Aen net an deem Gedanken sinn.

En aus eiser Siicht grouse Problem an zugläich och nëmmen ee vu ville Beispiller ass Thematik ëm d'Befreiung vun de GIS-Gebühren an Éisträich. An Éisträich gesäit d'Gesetz vir, dass e:ng Student:in deen:dat eng sozial Studiebahëllef vum éisträichesche Staat kritt, sech vun de GIS-Gebühre ka befreie loossen.

D'Lëtzebuenger Student:innen, déi eng Bourse Sociale bezéien, déi op Grond vun änleche soziale Krittären ausbezuelt gëtt, gëtt vun den zoustännegen Éisträicheschen Autoritéiten net als gläichwäerteg unerkannt, esou dass d:e lëtzebuergesche Student:in d'Käschte weiderhi muss bezuelen. An Däitschland gëtt dëst zu Beispill esou gehandhaabt, dass all Student:in den:éi eng Sozialhëllef kritt, sech vun de Rundfunkgebühren befreie losse kann.

En anere Fall vun Ongläichbehandlung ass an Holland ze fannen. Hei hunn d'Student:innen déi eng hollännesch Bourse bezéien d'Recht drop, den öffentlechen Transport gratis ze benotzen. Gläichzäiteg sinn auslännesch Student:innen déi keng Bourse vum hollännesche Staat kréien, vun deem Privileeg ausgeschloss. Dobäi kënnst, dass den öffentlechen Transport an Holland relativ deier ass.

Zeréckzeféiere sinn dës 2 Problemer op eng Ausnameregelung vun der EU- Direktiv, déi virgesäit, dass net all EU-Bierger Urecht u Studiebahëllef vun all EU-Land huet. Déi jeeweileg Länner argumentéieren, dass déi extra Behandlungen Deel vun hire Studiebahëllef sinn. Mir bedauern, dass esou zousätzlech Servicer zu enger Diskriminatioun ënnert de Student:inne féiert.

Mir fuerderen dass d'Lëtzebuenger Politik sech dofir asetzt, dass dese Paragraph reevaluéiert gëtt, fir dass déi uewegenannten Ongerechtegkeeten aus der Welt geschafft ginn.

6

Attraktiven öffentlichen Transport



An de leschte Joren huet en Ëmdenken an der Gesellschaft stattfonnt, esou dass den öffentlichen Transport den Auto ëmmer méi als primäert Verkéiersmëttel ofléist. En Auto ass ee finanziellen Investissement den net jiidereen maachen kann a wëll, dës och aus ökologeschen Grënn. E:ng Student:in ouni Auto muss op Alternativen zeréckgräife kënnen, wéi den öffentlichen Transport. Grad de Wee an d'Ausland an d'Studiestad ass oft nach deier a jee nodeem mat ville Onbequemlechkeete verbonnen. Awer och de Wee op déi verschidden Unicampusen a Lëtzebuerg si fir ee gudden Deel vun de Student:innen net einfach erreechbar.

An engem modernen Europa gëllt et gutt mam Zuch a Bus ugebonden ze sinn, fir jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn sech mat einfache Mëttel fräi zu Lëtzebuerg an iwwe d' Grenzen eraus fortbeweegen ze kennen. Een effektiven a moderne Bus- an Zuchreseau ass néideg, fir de jonke Leit een einfachen an onkomplizéierten Zougang zu de Bildungsinstitutionen a ganz Europa ze erméiglechen.

Mir begréissen, dass Lëtzebuerg sech an de leschte Joren am Beräich vum öffentlichen Transport vill agesat huet an esou och international als groussen Acteur ugesi gëtt. Opfälleg ass awer nach, dass den öffentlichen Transport net attraktiv genuch ass, dëst net nëmmen national, mee och international, sief dëst duerch extreem onflexibel Auerzäiten, sëlleg Ausfäll a Verspéidungen, zäitintensiven Trajeten a grousser Präisdifferenze jee no Auslandszil.

Den Transport an d'Unissted muss méi attraktiv gestallt ginn. Mir fuerderen dowéinst déi zukünfteg Regierungen op, weiderhin an nach méi intensiv sech mat dëser Problematik ausernee ze setzen an Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschlänner ze intensivéieren, fir esou fräi wéi méiglech weider kloer Grondsteng am öffentlichen Transport an Europa ze leeën.

7

Bourse am Wandel vun der Zäit



E wichtigen Aspekt fir jidderengem e Studium ze erméiglechen ass d'Bourse déi de Lëtzebuerger Staat engem ausbezilt an ass esou e wichtigen Aspekt an der Finanzéierung vun engem Studium.

Säit der Aféierung vun der Bourse sinn ëmmer erëm Adaptatiounen un der Bourse gemaach ginn, fir ëmmer den aktuelle Besoinen no ze kommen. Grad an de vergaangene Jore wou et mat onerwaartbaren Evenementer eng Pandemie oder eng Energiekris gaangen ass, war et gutt a richtig, dass déi néideg Ännerunge schnell konnten ëmgesat ginn.

Och dass d'Bourse un den Index gebonnen ass, ass eng wichtig Adaptatioun, fir dass d'Bourse längerfristeg aktuell bleift.

Geplangten Ännerungen un der Bourse dierfen net vergiess ginn, esou dass d'Bourse weiderhin ëmmer den aktuelle Besoine vun de Student:innen entsprécht. Dowéinst fuerdere mir déi kommend Regierung op, bäi konkreten Demarchen d'Aide financière unzepassen, sech mat der ACEL ze consultéieren, esou wéi dat an de vergaangene Jore scho gemaach gouf.

8

Steiererklärung während dem Studium



E Studium ass mat villen Käschten oder Uschafunge verbonne, wéi ee Laptop, Fachliteratur oder weider fachspezifesch Ausgaben.

An eisen Ae kéint ee sech un engem System aus Däitschland inspiréieren, wou een als Student:in seng Ausgaben bis 5 Joer an d'Vergaangenheet op enger Steiererklärung deklaréiere kann. Fänkt een dann no senger Studienzäit an

Däitschland u mat schaffen, kritt een en Deel vu senge Fraisen, déi sech während dem Studium ugesammelt hunn, iwwer d'Steieren zeréck.

Mir gesinn hei eng gutt Méiglechkeet, d'Käschten vum Studium, och fir lëtzebuurger Student:innen, déi nom Studium zu Lëtzebuerg schaffen, ofzefiederer.

>> Schlusswuert:

D'ACEL als onverzichtbare Partner



D'ACEL huet sech an der Vergaangenheet als onverzichtbare Partner vun der Politik erweisen. Als gréisste Studentevertrieder war d'ACEL direkt a konstruktiv un enger Rei u wichtege Projete vun der Regierung, betreffend d'Student:innen, bedeelegt a konnt soumat versécheren, dass d'Interesse vun de Student:inne bei de betreffenden Instanze vertruede gi sinn.

Dëst huet et der Politik erméiglecht Entscheedungen, zesumme mat der ACEL ze treffen, déi bei de Student:innen op breet Akzeptanz gestouss sinn. Et profitéiert een dovunner, dass een direkten Austausch iwwer d'Suerge vun de Student:innen

erméiglecht gëtt. D'Parteipolitesch Neutralitéit vun der ACEL erméiglecht eng konstruktiv Gespréichsbasis mat der Politik.

Als wichtege Acteur an alle Belangen déi d'Student:inne concernéiere fuerdere mir aktiv an de Projeten, betreffend d'Student:innen, involvéiert ze ginn an Avisen ofzeginn. Als Sproochrouer vun de Student:innen, ass et fir zukünfteg Regierungen onverzichtbar eis als Haaptpartner bei de politeschen Dossiere mat anzebannen.

ACEL-Comité 2023

